

# Tätegkeetsbericht

# 2017

*Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl.*

Ebl

Emweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.

*Mäerz 2018*

## Virwuert vum President

### D'EBL 2017

Wat am Joer 1992 vun 6 Ëmweltberoder vun der éischter Stonn an d'Liewe geruff ginn ass, mam Zil fir den Ëmweltschutz an de Gemengen ze etabléieren, ass haut an de meeschte Gemenge zur Selbstverständlechkeet ginn. Éier e Projet ugefaange gëtt, gëtt analyséiert ob en ëmwelt- a klimaverträglech ass. Natierlech huet dat legislativt Ëmfeld changéiert an d'Obligatioune sinn haut méi exigent. Mee mat Sécherheet huet eng Institutioun ewéi d'EBL eng wichteg Roll gespillt an huet d'Bewosstsinn vun de Gemengen, um politeschen ewéi um techneschen an administrative Plang geschäerft fir déi verschidden Thematiken.

D'Emweltberodung Lëtzebuerg ass e wichtegen Acteur fir d'Gemengen, besonnesch well mer a ville Beräicher eng wäertvoll Hëllef kënnen ubidden, fir e Projet esou opzebauen, datt en d'Ëmwelt esou mann ewéi méiglech beanträchtegt.

25 Joer Ëmweltberodung an deem vill bewierkt ginn ass, wou mer Problemer genannt hunn, awer och Weeër gewisen hunn, wéi een dës Problemer vermeit oder, wann se do sinn, wéi een se léisst. 25 Joer mat dynamesche Mataarbechter, déi der EBL vill bruecht hunn a jidder eenzelne vun hinnen huet d'EBL e Schratt viru bruecht, mat sengem Wëssen a mat senger Loscht fir nei Défien opzehuelen an unzegoen. Mä och 25 Joer Komiteeën mat engagéierte Memberen, déi ëmmer erëm erkannt hunn, wat fir Themen de Gemengen uewe leien a wou se Hëllef vu bausse brauchen.

Dat gudd Zesummespill tëscht de Komiteeën an de Mataarbechter huet eis bestänneg no vir bruecht. Am Austausch mateneen hu mer et ëmmer erëm fäerdeg bruecht Zukunftsthemen ze erkennen, déi bei de Gemenge nach net als esou wichteg ugesi gi sinn. Dës hu mer gewosst esou opbzebereeden an de Gemegeverantwortlechen se virzestellen, fir se mat ob de Wee ze kréien zu enger nohalteger Entwécklung vun hirer Gemeng.

D'EBL am Joer 2017, dat waren 3 fest Mataarbechter an 2 Mataarbechter mat engem Zäitkontrakt. Och a punkto Personal ass d'EBL deemno an de vergaangene Jore bestänneg gewuess, wat d'Konklusioun zouléisst, datt vill Aarbecht geleescht gëtt an dëst a ville verschiddene Beräicher.

Datt d'EBL als seriöse Partner ugesi gëtt erkennt ee mat Sécherheet och dorunner, datt mer ëmmer méi oft ëm Rot gefrot ginn an datt och am Joer 2017 erëm 5 Gemenge nei als Member bei eis gestouss sinn, sou datt mer momentan 47 Gemengen zu eise Membere kënnen zielen. Mer sinn och houfreg driwwer datt nieft der Stammclientèle, de Gemengen, och aner Institutiounen an och Betriber bei eis uklappen fir déi eng oder aner Rotschléi ze kréien. Dëst erfreet eis natierlech a beweist datt mer als e seriösen Uspriechpartner ugesi ginn.

All Member freet eppes vun der EBL, mee gëtt awer och eppes zréck an deem en eis mat Froe konfrontéiert, eis zu Themen uschwätzt, déi e selwer net kann ofdecken. Doduerch gi mer ëmmer erëm gefuerdert fir eisen Horizont ze erweideren. Mee och d'Wësse vun eise Memberen ass fir d'EBL extrem wäertvoll a kann aner Membere bei der Realisatioun vun engem Projet ënnerstëtzen. Genee dës Dynamik mécht d'EBL aus, mer léieren ee vun deem aneren. D'EBL schafft eege Projeten aus, mee mécht och den Dispatching vu Wëssen dat seng Memberen hunn.

D'Viraussetzungen heifir sinn dynamesch a flexibel Mataarbechter hunn, déi gären am Verbond an am enke Kontakt mat aneren zesummeschaffen. Dank hinnen huet d'EBL a villen Aktiounen de Lead, well eis Mataarbechter sech schnell an eng Thematik eraschaffe kënnen an effektiv an hirer Aarbecht sinn an organisatoresch ob der Héicht fir déi villfälteg Aktivitéiten och a Musek ëmzesetzen. Dofir sinn ech frou, datt mer am Joer 2017 och a punkto Gehälter eng Regelung konnte fannen, déi et erlaabt hir Aarbecht ze valoriséieren an déi hinnen och eng Planungssécherheet fir d'Zukunft gëtt.

Dat läscht Joer hat ech am mengem Virwuert geschriwwen, datt mer eis Büroen am Héichhaus hu misste raumen, an eis am klenge Kueb installéiert hunn. Mä och dëst war nëmme vu kuerzer Dauer. Bis den 1. Mee 2018, musse mer och dës Raim verloossen. Fir net zum Spillball ze ginn vu staatleche Verwaltungen hu mer décidéiert fir eis selwer no enger neier Location ëmzekucken, a sinn och fündeg ginn. Deemnächst wäerte mer eis Büroen zu

Dummeldéng am “Bamhaus” opschloen. D’Bamhaus ass e Co-working Space, wou Leit aus verschiddene Beräicher schaffen an duerch d’Conceptioun vum Gebai, déi eenzel Leit bestänneg begéinen an et doduerch och zu engem reegen Austausch ënnerteneen kënnt. Dëst entsprécht genee der Philosophie, déi mer ugeduecht haten, wéi mer dat läscht Joer eis Iddi vun engem gemeinsamen Haus fir verschidden Akteuren aus dem Ëmwelt- a Klimaberäich zesummen ze bréngen, lancéiert haten. Déi aner Notzer am Bamhaus kommen elo net aus dëse Beräicher, mee éischter aus kreativen a kulturelle Beräicher, wat awer och fir eng EBL ganz spannend ass, well fir d’Vermëttlung vu munchmol dréchenen Themen ass et sécher vu Virdeel wann ee mat Leit an engem kreativen Ëmfeld e regelméissegen Austausch huet an esou vläit déi passend Iddië kritt fir eis Sujetë méi spannend ze vermëttelen. A wee weess, vläit bidden sech um Site an Zukunft nach aner Méiglechkeeten, wou dann aner Associatiounen Loscht kréien sech och hei ze etabléieren.
Well mer a munche Beräicher eis méi déif wëllen dra knéien a nei Themen ustinn, wou mer eis verstäerkt mussen domadder ofginn well d’Gemengen do gefuerdert sinn oder et geschwë ginn, musse mer eis Equipe weider verstäerken. Besonnesch am Beräich ouni Pestizide géife mer am Fong nach gär méi Sensibiliséierungsaarbecht maachen an um Terrain de Leit Hëllefstellung ginn. Och am Beräich clever akafen a nohalteg Beschafung ass et onbedéngt néideg d’Gemengen mat hire Servicer an d’Schoulen, mee och aner Institutiounen a Betriber ze informéieren fir hinnen ze weisen, datt een och anescht kann akafen an datt dëst net méi deier gëtt, mee et méiglech ass méi nohalteg a méi gesond anzekafen, wouduerch och déi lokal a regional Betriber dovu kënne profitéieren. Heifir misste mer eis personnel nach verstäerken. Well eis Finanzmëttel eis net allzevill Fräiheet loossen, si mer am gaange verschidden Optiounen ze analyséieren, wéi mer dat wat eis néideg a sënnvoll erschéngt hikréien. En Thema net upaken, well mer et net hikréien, ass keng Optioun dovunner.
Zum Schluss wëll ech all de Membere vum Komitee Merci soen. Hiren Asaz ass en Asaz nieft hirem normalen Job, an deem se sech och mat vill Engagement fir den Ëmwelt- a Klimaschutz asetzen. Mat eise Mataarbechter a mat menge Kollegen aus dem Komitee a mat Iech all zesummen gi mer déi nächst Aufgaben un an ech verspriechen Iech datt mer zesumme vill Freed wäerten hunn mat deem wat mer zesumme bewierken .

**Guy SPANIER**
*President vun der EBL a.s.b.l.*



# D'*Emweltberodung Lëtzebuerg* a.s.b.l.

## Wat sinn d'Aufgabe vun der EBL?

**Mir sinn…**

- Neutralt Berodungsorgan fir Ëmweltfroen op Gemengeniveau
- Réseau vu kommunalen a privaten Ëmwelt- a Klimaberoder
- Wichteg Austauschplattform am Ëmwelt- a Klimaschutzberäich
- Interessevertriedung vun de kommunalen Ëmwelt- a Klimaberoder
- Stëmm an diversen Aarbechtsgruppen oder anere Gremien
- Partner vu ville privaten an ëffentlechen Akteuren

**Mir maachen…**

- Organiséiere vu Weiderbildungen, Infoveranstaltungen an Exkursiounen
- Ausschaffe vun innovative Pilotprojeten, Publikatiounen an Aarbechtshëllefen
- Schafe vun engem intensiven Austausch vun Erfahrungen an Iddiën tëscht de Gemengen
- Ënnerstëtzung beim Schafe vun engem Ëmweltservice a beim Astelle vun engem Ëmweltberoder an Hëllef fir Jonker beim Eraklammen an de Beruff
- Fördere vun der interkommunaler Zesummenaarbecht an deenen ënnerschiddlechsten Domainer, wéi e.a. am Naturschutz, bei der Waassergestioun, am Energieberäich, an der Offallwirtschaft, der Stadplanung, der Mobilitéit oder bei enger nohalteger Beschafungspolitik.

**Nei Impulser bei der Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.:**

- Am Joer 2017 konnt d'EBL mat enger vergréisserter Équipe vill erreechen. Zwee grouss Projeten hunn dëst Joer dominéiert. Vum Projet "Energie- an Ëmweltkalenner fir Bierger" hunn méi wei 30 Gemengen profitéiert an och bei der Initiativ "Blummen ouni Pestiziden" hunn eng 30 Gemengen deelgeholl an et konnt eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat lokale Betriber op d'Been gestallt ginn. De Nico Pantaleoni huet eis zäitlech begrenzt ënnerstëtzt fir der Gemeng Miersch am Ëmweltservice ënnert d'Äerm ze gräifen. Dem Marianne Kollmesch säin Zäitkontrakt hu mer nach fir e puer Méint verlängert fir d'Ëmsetzung vun de Moossnamen am MDDI nach an d'Weeër ze leeden.

# D'EBL a seng Memberen – e staarkt Team

D'EBL gett geleet vun engem **Comité**, deen zum 31. Dezember 2017 aus 8 Leit bestoung. Sechs vun eise Comitésleit schaffen als kommunal Ëmweltberoder, resp. –beoptragten. Béi deenen zwee aneren handelt et sech ëm extern Klimaberoder déi och soss duerch hire Beruff intensiv mat Gemengen zesummegeschafft hunn.

- President: **Guy SPANIER** (Ëmweltberoder Gemeng Schéffleng + int. Klimaberoder)
- Vize-President: **Luc FRIEDRICH** (Ëmweltberoder Gemeng Miersch + int. Klimaberoder)
- Sekretär: **Pierre SCHMITT** (Ëmweltbeoptragte Stad Lëtzebuerg + int. Klimaberoder)
- Trésorier: **Jos MATHIEU** (Ëmweltberoder Gemeng Suessem + int. Klimaberoder)
- Comitésmember: **Max KLEIN** (Ëmweltberoder Gemeng Réiser + int. Klimaberoder)
- Comitésmember: **Estelle ROTONDANO** (Ëmweltberoderin Gemeng Monnerech + int. Klimab.)
- Comitésmember: **Klaus GRÖLL** (IGLux GmbH) +Klimaberoder Récken un der Mess
- Comitésmember: **Martine SCHUMMER** (Schroeder & Associés SA) +Klimaberoderin Remeleng, Luerenzweiler, Monnerech, Bettenduerf



Guy Spanier | Luc Friedrich | Pierre Schmitt | Jos Mathieu | Martine Schummer | Klaus Gröll | Estelle Rotondano | Max Klein

D'EBL huet dräi Mataarbechter die fest ugestallt sinn an d'Dagesgeschécker vun der EBL leeden. Dëst sinn de **Michel WILWERT** (32 Stonnen/Woch), de **Nils LECHES** (32 Stonnen/Woch) an d'**Aline SCHALTZ** (24 Stonnen/Woch).

Bis de 15. August 2017 krut d'EBL Ënnerstëtzung vum **Nico PANTALEONI.** De Nico huet d'Gemeng Miersch fir 1 Joer am Ëmweltservice ënnerstëtzt. Fir der Gemeng aktiv ze hëllefen an e gudde Functionnement vun dësem Service weider ze garantéieren, hat d'EBL 2016 decidéiert de Nico anzestellen a spezifesch an der Gemeng Miersch anzesetzen. De Nico gouf fir dëse Poste mat engem Kontrakt vu 40 Stonnen/Woch a limitéiert op 1 Joer bei der EBL agestallt. De Büro gouf vun der Gemeng Miersch gestallt.

Enn 2016 huet d'**Marianne KOLLMESCH** d'Equipe vun der EBL completéiert. D'Marianne gouf fir de Poste vum Eco-Manager am Héichhaus (am Optrag vum MDDI) agestallt (20 Stonnen/Woch fir 1 Joer). Di aner 20 Stonnen/Woch huet hatt d'Equipe vun der EBL beim Ausschaffen an der Organisatioun vu Projeten ënnerstëtzt. Dëst gouf iwwer eng Astellungsmoßnahm vun der ADEM an dem Finanzement vum MDDI finanzéiert. Well mer besonnesch am Beräich "Ouni Pestiziden" nach ganz vill Aarbecht gesinn an e Poste vun engem Koordinator bräichten fir de Gemengen Hëllefstellung ze ginn, fir e „green management" ouni Pestiziden ëmzesetzen, fir déi lokal Produktioun vu pestizidfräie Planzen opzebauen a fir Betriber ze hëllefen hir Grénganlagen esou unzeleeën, datt mer eng héich Biodiversitéit kréien an eiser Meenung no och de Volet "clever akafen" a nohalteg Beschafung bei de Gemenge verstäerkt muss gepusht ginn, wiere mer frou, wa mer d'Marianne weider kéinten an eiser Equipe halen. Gespréicher heizou si mat der ADEM am gaangen.



Nils Leches | Michel Wilwert | Aline Schaltz




Marianne Kollmesch | Nico Pantaleoni


Zousätzlech krut Team Ënnerstëtzung vun 2 Studenten: **Max Hager** an **Tamara Scherer** (alle béid 6 Wochen).

Mir kruten am Joer 2017 dann och 5 Gemengen als Member dobäi: Hesper, Reckeng-op-der-Mess, Reisduerf, Sandweiler an Useldeng. Soumadder zielt d'EBL Enn 2017 **47 Gemengen** zu hieren Abonnenten (20 nei Membergemengen an deene leschte 6 Joer), an deene ronn 70% vun der Bevëlkerung wunnen. Doniewt huet d'EBL zum 31. Dezember 2017 **38 Privatmemberen** (idem par rapport zu 2016), woubäi 1 Member bäikoum an een aus beruffleche Grënn net méi Member ass. Ausserdem huet d'EBL **13 weider Member-Organisatiounen** (+1 par rapport zu 2016).

| **Membergemengen** | | |
|---|---|---|
| BECKERICH | JUNGLINSTER | SCHIFFLANGE |
| BETTEMBOURG | KÄERJENG | SCHUTTRANGE |
| BETZDORF | KAYL | STEINFORT |
| BISSEN | KEHLEN | STEINSEL |
| BIWER | LINTGEN | **USELDANGE** |
| BOURSCHEID | MAMER | VILLE D'ESCH-SUR-ALZETTE |
| COLMAR-BERG | MERSCH | VILLE DE DIFFERDANGE |
| CONSDORF | MONDERCANGE | VILLE DE DUDELANGE |
| CONTERN | MONDORF-LES-BAINS | VILLE DE LUXEMBOURG |
| DALHEIM | NIEDERANVEN | VILLE DE REMICH |
| DIEKIRCH | PETANGE | VILLE DE RUMELANGE |
| DIPPACH | **RECKANGE-SUR-MESS** | WALDBILLIG |
| GARNICH | **REISDORF** | WALDBREDIMUS |
| GREVENMACHER | ROESER | WALFERDANGE |
| **HESPERANGE** | SANEM | WORMELDANGE |
| HOBSCHEID | **SANDWEILER** | |



EBL- Membergemengen 2011



EBL- Membergemengen 2017

| Privatmemberen | | |
|---|---|---|
| BAUER Doris | KETTEL Lynn | SCHLICHER THOMAS |
| BECKER Tom | KIEFFER Gérard | SCHMIT Guillaume |
| **BOCHEN Guy** | KLEIN Max | SCHMITT Pierre |
| BONBLET Lea | LABIDI Diane | SCHMITZ Armand |
| BRANDENBURGER Brigitte | LINDEN Claude | SCHROEDER Jeannot |
| CALMES Caroline | MATHIEU Jos | SCHUMMER Martine |
| CHRISTOPHE Georges | MERSCH Jacques | SIMON Christian |
| FELLENS Frank | MINELLI François | SPANIER Guy |
| FRIEDRICH Luc | NEU Marc | TELAAR Rainer |
| GRÖLL Klaus | PFEIFFENSCHNEIDER Manou | URBANY Guy |
| GROMMES Daniel | REUTER Nathalie | WAGNER Jean |
| HARLES Aloyse | ROTONDANO Estelle | WOLFF Bert |
| HENGEN David | RUENNENBURGER Thomas | |
| HOFFMANN Thomas | | |

| Member-Organisatiounen | | |
|---|---|---|
| **EU- Komissioun** | Naturpark Our | STEP |
| IG Lux | OGBL | SuperDrecksKëscht® |
| LIST | Schroeder&Associés | SES – Syndicat des Eaux du Sud |
| Minettkompost | SES Astra S.A. | |
| natur&ëmwelt | SIDEC | |

# Versammlungen an Aarbechtssëtzungen

| Bezeechnung | Unzuel |
|---|---|
| Comités-Sëtzungen & Klausuren | 7 |
| RV mat Comités-Memberen (wéint Gestioun vun der EBL) | 7 |
| Generalversammlung | 1 |
| Entrevue mat der Ministesch Carole Dieschbourg a mam Staatssekretär Camille Gira | 2 |
| Ouni Pestiziden | 75 |
| Ech kafe clever | 13 |
| Seminarer a Veranstaltungen | 6 |
| Ökoaudit | 28 |
| Klimapakt | 4 |
| 50/50 Projet – Nohalteg Beschafen | 12 |
| Energie [light] reloaded | 15 |
| Zousätzlech Kooperatiounstreffen an Aarbechtssëtzungen | 14 |
| Participatioun bei anere Veranstaltungen | 18 |
| **TOTAL** | **202** |

| | |
|---|---|
| Newsletter | **11** |



# Kampagnen an Aktiounen

Ouni Pestiziden *(75 Sëtzungen a Veranstaltungen)*

- ✓ **Haaptprojet** am Kader vun der Campagne Ouni Pestiziden war dëst Joer de Projet "**Blummen ouni Pestiziden**". Bei dësem Projet geet et drëms, déi national Produktioun vun Zierplanzen ouni den Asaz vu Pestiziden ze initiéieren an ze stäerken. Dëst andeems d'Gemenge gezielt a verstäerk no esou pestizidfräie Planze froen an dës am Viraus bestellen. Am Laf vun engem Joer hunn sech esou 10 Produzente vu Blumme fonnt, déi bei dëser Aktioun matmaachen. Eng ronn 30 Gemenge konnten am Joer 2017 all oder eng Partie vun hiren Blumme pestizidfräi planzen.
  An der zweeter Halschent vum Joer ass et eis gelong fir d'Federation Horticole fir de Projet ze gewannen. Zesumme mat der FH si Gespréicher mat den éischte Blummebuttiker gefouert ginn, dëst mam Hannergrond dass vill Gemengen beim Fleurist vum Duerf kafen (wann et kee Produzent an der Gemeng gëtt). Eng Erausfuerderung ass, fir weider Produktiouns-méiglechkeeten opzedinn, wou sech awer scho Méiglechkeeten weisen.
  www.ounipestiziden.lu/blummen-ouni-pestiziden.html







- ✓ **Gewënnspill mam Sticker #Ouni Pestiziden.** Iwwert de FB –Site vun der Campagne gouf dëst Gewënnspill lancéiert. Ziel war et mat Hëllef vum Sticker säi Gaart oder Haus als "Gaart/Haus Ouni Pestiziden" auszeweisen an dëst mat enger Foto ze beleeën. 5 Gewënner goufe mat engem Bong fir Pestizidfräi Blumme vun de Produzenten aus dem Projet "Blummen Ouni Pestiziden" belount.






- ✓ ***„Semaine sans pesticides"*** (20.-30. Mäerz)
- ✓ **En Dag ouni Pestiziden zu Jonglënster** (24. – 25. Mäerz) (Am Kader vun der Semaine)
  Thema: Op dësem Fest, dat geziilt fir Jonk an Al ausgeluecht war, gouf eng ganz Panoplie u Workshoppen, Stänn, an och Virträg a Presentatiounen ugebueden.
  Virträg: Ministesch Carolie Dieschbourg, Jean-Paul Lickes (AGE), Jacques Engel (ASTA) Ralph Baden (AKUT), Stéphanie Zimmer (IBLA) (e&u Energiebüro Bielefeld)
  Infostänn & Aktivitéiten: SDK, MNHN, natur&ëmwelt, Ouni Pestiziden, EBL, SIAS, SEED, Life Orchis, Showcooking, Kraiderhex, Bio-Wäinstand, Equigaard, Geméisverkaf, Rousen.
  +/- 40 Participanten





- ✓ **Stand um Fest vun der Natur** (17.-18. Juni)
  Thema: Infos iwwer a Verfaf vu Blummen OuniPestiziden
  mat um Stand: Kalendula, Innoplantes, Beetogether



- ✓ Aarbechtsgrupp **Ëffentlechkeetsaarbecht**
  - Pressekonferenz – Blummen ouni Pestiziden (16. Mee)
  - Informatiounsowend an der Gemeng Schëffleng (18. Mee)
  - Produktioun a Verkaf vu Steckeren aus Toun mam Logo vun der Campagne fir an de Virgäertchen oder an d'Blummebet ze stiechen
  - Titercher mat Som fir eng eenheemesch Blummewis (zesumme mam MDDI). Dës kënnen op Evenementer a Veranstaltunge verdeelt ginn.
  - Divers Artikelen (CTF, Gemengebuet, Internet, Zeitung, asw.)




- ✓ Aarbechtsgrupp **Flächenënnerhalt**
  - Publikatioun "Wildblumenwiese – Aussaat und Pflege" (um Internetsite)
  - Virtrag beim Sias (fir d'Sias-Gemengen)
- ✓ Aarbechtsgrupp **Saatgut**
  - Projet 'eenheemësch Saatgutmëschungen': de SICONA huet de Lead an dësem Deelprojet. Et ass vun éischten Arten Som gesammelt ginn. De SICONA huet fir dëse Projet e Budget beim MDDI accordéiert kritt.
  - Projet 'Blummen Ouni Pestiziden': d'EBL huet de Lead an dësem Deelprojet. Den Detail ass ënnert dem Punkt 'Haptprojet' vun dëser Rubrik ze fannen.
- ✓ Aarbechtsgrupp **Législatioun**
  - Stellungnam (Pressecommuniqué) zu der Ofstëmmung an der EU-Kommissioun iwwert d'Verlängerung vum Glyphosat
  - Kontakt mat Verwaltunge wéinst Gesetzesupassungen
- ✓ **Kontakt** matt aneren Initiativen (Meng Landwirtschaft, Mouvement écologique, FHL, CTF, Greenpeace & natur&ëmwelt, Fredon Lorraine, Pôle wallon de gestion différenciée, BUND)
- ✓ **Ausstellung** zum Thema Pestiziden, déi als Roll-up bei der EBL zur Verfügung steet
- ✓ 17 verschidden Akteuren hunn den Accord de Partenariat als Partner oder Sympathisant ënnerschriwen.

  ***Roll vun der EBL:*** national Koordinatioun, Kontakt mat allen Zilgruppen, Ausschaffe vu Projeten, Moteur vun der Kampagne: Fir dëst Thema goufe vill Akteure sensibiliséiert, mee mer spieren, datt nach vill Onsécherheet do ass, well d'Wësse feelt, wéi een ouni Pestizide ka schaffen. Dofir wier et néideg sech nach méi déif an déi Thematik anzeschaffen duerch e „COORDINATEUR DE LA MISE EN PLACE DU PROGRAMME SANS PESTICIDES AU NIVEAU NATIONAL". Dësen hätt als Missioun d'Theorie vum Schaffen ouni Pestiziden an d'Praxis ëmzesetzen, woubäi d'Haaptakzenter op folgende Punkte leien:

  - De Gemengen Hëllefstellung ginn, fir e „green management" ouni Pestiziden ëmzesetzen
  - Eng lokal Produktioun vu pestizidfräie Planzen opbauen
  - Betriber ze hëllefen hier Grénganlagen esou unzeleeën datt eng héich Biodiversitéit entsteet

<u>**Ech kafe clever**</u> *(13 Sëtzungen a Veranstaltungen)*

- ✓ Ëmsetzung vun engem **Pilot-Projet** an de Maison Relaisen vun der Gemeng Déifferdeng zesummen mat der SDK. D'Personal vun de Maison Relaisen gouf duerch eng art Workshop iwwert Thematik vun engem ëmwelt- a gesondheetsschounendem Schoulmaterial informéiert. Am Ganzen goufen eng ronn 7 Workshops organiséiert fir dat gesamt Personal a klenge Gruppen kënnen ze sensibiliséieren.
- ✓ Kontakt mat de **Ministèren** an den **Händler**
- ✓ Partner: 4 Ministèren (MDDI – MEN – MS - MECO), SuperDrecksKëscht, INDR

***<u>Roll vun der EBL:</u>*** national Koordinatioun, Kontakt mat de Gemengen an aneren Zilgruppen, Aktualiséierung vum Internetsite

<u>**Nohalteg ëffentlech Beschafung**</u> – de Kofinanzprojet mam MDDI *(12 Sëtzungen)*

- ✓ Mat dësem Co-Finanzéierungsprojet well d'EBL, zesumme mam MDDI, d'Beschafungspolitik an de Gemengen a beim Staat méi nohalteg gestalten. Et soll hei praktesch opgewise ginn, wéi eng Kriterien ee kann an enger ëffentlecher Ausschreiwung mat ophuelen, fir dës méi ëmweltfrëndlech, sozial an ökonomesch sënnvoll ze maachen. Dëst mat hëllef vu Labelen, Guidlines an an Hand vun "Good-Practice-Beispiller" aus dem In- an Ausland.
- ✓ De Projet ass schonn 2016 ugelaaf. Am Joer 2017 ass et ëm déi konkret Ëmsëtzung gangen. Et gouf weider um Online-Site geschafft. Dëse soll am Joer 2018 publizéiert ginn.
- ✓ Sammele vu Labelen, Guidlines a bestehenden Ausschreiwungstexter
- ✓ An Zesummenaarbecht mat Lightbulb (fir déi graphesch Ëmsetzung an d'Opstelle vun engem Internetsite) an dem Ökobureau (fir den Inhalt)

***<u>Roll vun der EBL:</u>*** Entwécklung vum Tool, Sammele vu Beispiller a Leitfäden, Koordinatioun










# Fundraising

Am Mee 2017 hu mer e grousse Projet ‚Theory to Practise… Ouni Pestiziden‘ beim Fond National de la Recherche eragereecht, dëst am Kader vun hierem Appel à projet ‚promoting science to public flagship‘.
De Projet huet 7 verschidden Thematiken a war als partnerschaftlech Zesummenaarbecht vun der EBL mat natur&ëmwelt, Réiderner Waasserhaus a Réidener Energieatelier geduet.
De Gesamtbudget fir 3 Joer war op ronn 714.000€ ugesat, fir d‘EBL waren dovu ronn 490.000€ virgesinn (Personal- a Projetskäschten). Vum FNR hu mer ronn 290.000€ gefrot, den MDDI war prett fir 250.000€ bäi ze steieren.
Mir haten d’Chance, déi éischt Bewäertung ze packen an dofir eise Projet am September virun engem internationalen, héichkarätege Jury däerfen ze verteidegen, dëst zesumme mat eise Partner.



*Visual harvesting gemaach vum Caroline Schuler (Ocean Visuals)*

Leider ass de Projet um Schluss net zeréckbehale ginn, well déi wëssenschaftlech Approche e wéineg ze kuerz komm ass an d’Sensibiliséierung en ze grousse Stellewäert am Projet haat. Den FNR huet eis duerno awer encouragéiert un deem Punkt ze schaffen (et hätt net vill gefeelt) an huet eis geroden 2018 de wëssenschaftlechen Deel méi ze verdéiwen an da nach eng Kéier beim nächsten Appel à projets matzemaachen.

Och wann de Projet kee Finanzement krut an dowéint bis op weideres nach net gestart gouf, esou hu mer inhaltlech vill vun dësem Prozess a vun der Zesummenaarbecht mat de Partner natur&ëmwelt, Réiderner Waasserhaus a Réidener Energieatelier profitéiert. Relatioune goufe gestäerkt, nei Iddien ausgeschafft an d’Campagne trotz allem och no bausse promouvéiert a méi bekannt gemaach.

# Seminarer a Veranstaltungen

**Visite vum Betrib KIOWATT am Kader vum Projet "Energie- an Ëmwelttheme fir Bierger"** (28/01/2017)



- Thema: Wéi entsteet d'Energie déi ech brauch fir mäin Haus ze hëtzen?
- Guide: John Sliepen (Freelance, agestallt duerch KIOWATT)
- **16 Participanten**

**EBL-Generalversammlung fir d'Joer 2016 zu Eischen an der Gemeng Habscht** (10/04/2017)



- Begréißung an Usprooch vum President
- Feststelle vun der Beschlossfäegkeet
- Tätegkeetsbericht 2016, Finanzbericht 2016, Bericht vun de Caisserevisoren, Presentatioun vum Budget 2017
- Neiwahl an Erweiderung vum Comité
- Ausbléck op 2017 an Divers
- Ënnerung vun de Statuten

**Seminar „Energiespueren a Gebaier I – Ëffentlech Verwaltungen als Energiespuermotor"** (11/10/2017) (INAP)



- Themen: Grondlagen zum Energieverbrauch, Technesch Mesuren, „Menschlech" Mesuren
- Riedner: Hubert Grobecker (e&u Energiebüro Bielefeld)
- **22 Participanten**

**Seminar „Energiespueren a Gebaier II (a) – Opbaucours: Praktesch Uwendungen"** (14/11/2017) (INAP)



- Themen: Erfaassung vum Energieverbrauch, Heizungsregelung, Haustechnik, Energiespueren duerch Verhalensännerunge bei de Notzer, Mediatiouns- a Kommunikatiounsmodeller
- Riedner: Hubert Grobecker (e&u Energiebüro Bielefeld)
- **21 Participanten**

**Seminar „Energiespueren a Gebaier II (b) – Opbaucours: Praktesch Uwendungen / Begehung & Miessen"** (15/11/2017) (Naturpark Our)



Foto: Naturpark Our

- Themen: Praktesche Seminar mat enger Begehung vum Gebai vum Naturpark Our fir selwer verschidden Energie-Parameter ze moossen an uschléissend am Grupp ze diskutéieren.
- Riedner: Hubert Grobecker (e&u Energiebüro Bielefeld)
- **12 Participanten**

# Weider Aktiounen

## Energie- an Ëmwelttheme fir de Bierger!



- Eng 30 Gemengen an Organisatiounen hunn deelgeholl
- 12 Infographiken mat 12 verschiddenen Energie- an Ëmweltthemen op 4 Sproochen erhältlech (LU, DE, FR, PRT) (richteg Hëtzen, Streesalz, naturnoe Gaart, Botzproduiten, Ernärung, richteg killen, Pestiziden am Gaart an am Haus, Waasser/Ofwaasser, aktiv Mobilitéit, Stroumspueren, richteg Löften, Beliichtung)
- 8 Partner (natur&ëmwelt, Campagne Ouni Pestiziden, SuperDrecksKëscht®, CELL, Oekotopten, SIDEST, Lëtzebuerger Vëlos-Initiativ, Energieatelier)
- & Tipps an Iddien fir déi sozial Medien déi d'Gemengen kënne notzen
- Bei sou munch Thema gouf eng Aktivitéit vun der EBL fir all d'Gemengen déi deelgeholl hunn organiséiert
- Gratis fir EBL-Membergemengen
- Eng Aktioun fir de KlimaPakt
- Dëse Projet leeft och am Joer 2018 mat puer klengen Upassungen weider

## WE MDDI: Eco-Managment am Nohaltegkeetsministère





- Als Suite vum Öko-Audit, dee vun der EBL am Héichhaus duerchgefouert gouf, huet den MDDI sech entscheet een Eco-Manager Posten iwwert d'EBL ze schafen, an domadder d'Moossnamen, déi am Audit identifizéiert goufen ëmzesetzen. (20 Stonnen / Woch fir 1 Joer)
- D'Marianne Kollmesch huet dës Tâche ab dem 1. November 2016 iwwerholl.
- Haaptziel war et an deem Joer, den SDK-Label fir Betriber fir d'Héichhaus ze kréien. Dëst ass och gelongen.
- Weider ausgeschaffte Moossnamen konnte net ëmgesat ginn, well kee Budget dofir virgesi war. Et ass Budget fir 2018 ugefrot an accordéiert ginn.
- Enn dës Joers huet den MDDI d'EBL gefrot, fir d'Konventioun vum Eco-Manager nach emol ze verlängeren a Moossnamen ëmzesetzten. Am Joer 2018 wäert d'EBL d'Ëmsetzung vun de konkrete Moossname weider begleeden, awer méi an der Roll vum Observateur mat punktueller Ënnerstëtzung op Nofro hin.

## Start – Energie [light] reloaded

ENERGIE SPUEREN op der Gemeng reloaded!

- An Zesummenaarbecht mam Klima-Bündnis Lëtzebuerg (15 Sëtzungen)
- 10 Gemenge konnten sech aschreiwen, 10 Gemengen huelen deel! (Betzder, Contern, Esch/Uelzecht, Hesper, Jonglënster, Kayl, Miersch, Suessem, Steesel, Walfer)
- Erstelle vun engem Energiemonitoring-Programm (Excel) fir Gemengen
- Konzeptioun vun 12 Posteren zum Thema Energie a Waasser spueren
- 2 Start Evenementer (zu Walfer & Betzder)
- Lancement vun enger Internetsäit, déi virun allem als "Bibliothéik" an Ënnerstëtzung fungéiere soll. www.energielight.lu

## Aktiv am KlimaPakt




- Lancement vun einger neier Rubrik op eisem Internet-Site : “Good-Practice-Beispiller” vu Gemengen – fir Gemengen
  Eng 36 Beispiller sinn de Moment op dësem Site opgelëscht. An de nächste Méint/ Joer soll dëse Site weider komplettéiert ginn, esou dass ëmmer nei Beispiller aus de Gemengen dobäi kommen an eventuell aner Beispiller ersetzen
  Ausserdeem fënnt een hei och hëllefräich Dokumenter an Informatiounen déi ee bei deene verschiddenen Ëmwelttheme weider brénge kënnen.
- Participatioun um KlimaPakt-Dag
- Reunioun zesumme mam MDDI, myenergy a CELL fir iwwert de KlimaPakt 2.0 ze diskutéieren

## D’EBL positionéiert sech



- Oppene Bréif un d'Madamm Ministesch
- Nodeems den amerikanesche President een Dekret ënnerschriwwen huet deen den "Clean Power Act" a Fro soll stellen an d'Exploitatioun vun der Kuel als Energietränger erëm lancéiere soll, war et dem Comité vun der EBL wichteg eiser Ëmweltministesch de Réck ze stäipen an hier eis Ënnerstëtzung bei de Klimaziler, déi mir eis op engem nationalen an international Niveau gesat hunn, zouzespriechen.

## 2 EBL Klausuren zu Schëffleng (23.03.2017) an zu Diddeleng (21.10.2017)



- Themen:
  - Zukunft vun der EBL: Wou sti mir de Moment a wou wëlle mir hin? Wat sinn eis Missiounen a wéi wëlle mir dës an de kommende Joren ëmsetzen?
  - Adaptatioun vun de Statuten & Finanzen & Personal
  - Méiglech Kooperatiounen an Zesummenaarbecht mat aneren Acteuren
  - Upassung vun de Cotisatiounen
- **Participanten:** Comité & Mataarbechter

## Mam Velo op d‘Schaff




- D’EBL-Mattaarbechter hu mattgemaach bei der Aktioun MVOS
- 1.203 Teams – 3.145 Teilnehmer – 1.078.739 km – 240.289 kg $CO_2$ agespuert
- D’EBL-Equipe „Emweltberiders“ huet et op insgesamt 703 km bruecht
- Dat sinn 156,55 kg agespuerten $CO_2$ (+/- 100 Liter Bezin)
- Virbildfunktion an de Spaass um Velofueren

## EBL-Newsletter




- 11 Newsletter am Joer 2017
- Informatiounen iwwert d’Aarbecht vun der EBL & interessant Material, Dokumenter, Evenementer etc. vu Partnerorganisatiounen oder aner Akteuren aus dem Emweltberäich
- Verschéckt un ca 400 Kontakter
- Aschréiwen: www.ebl.lu/newsletter

## EBL-Facebook-Site



- Regelméisseg Posts mat hellefräichen Informatiounen aus dem Ëmweltberäich
- Bewertung: 5 Stären
- Likes: 248 / Followers : 251
- Kontakt: @EmweltberodungLetzebuerg

## OuniPesti-Facebook-Site




- Regelméisseg Posts mat ville Biller iwwert d'Gemengen Ouni Pestiziden an Informatiounen zum Gaart Ouni Pestiztiden
- Likes: 1047 / Followers : 1039
- Kontakt: @OuniPestiziden

## Zesummenaarbescht mam Syvicol

SYVICOL
Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises

- Ausschaffe vun engem Avis zum Naturschutzgesetz (4 Sëtzungen)

# Äre Partner bei Ëmweltfroën

**Emweltberodung Lëtzebuerg (EBL) a.s.b.l**
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

**E-Mail:** info@ebl.lu
Internetseite: www.ebl.lu

**Koordination und Projekte:**
Nils LECHES / leches@ebl.lu / Tél: (+352) 2478 6831
Michel WILWERT / wilwert@ebl.lu / Tél: (+352) 2478 6831
Aline SCHALTZ (schaltz@ebl.lu) / Tél: (+352) 2478 6866

Emweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.